

adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- a Kulturminister, den Här Bausseminister, den Här Educatiounsminister an den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung esou wéi un all aner concernéierte Minister weiderzeleeden.

De 5. Abrëll 2017 war de portugisesche Premierminister António Costa mat enger grousser Delegatioun op enger offizieller Visite zu Lëtzebuerg. Bei där Geleeënheet sinn eises Wëssens fënnf bilateral Ofkommens ënnerschriwwe ginn, dorënner och e „Mémorandum d'entente“ iwuer d'Promotioun vun der portugisescher Sprooch a Kultur, wéi an der Press ze liese war. An dem Zesummenhank wollt ech dem Här Staatsminister an deenen anere concernéierte Membere vun der Regierung dës Froe stellen:

1. Kënnen déi concernéiert Ministeren der Chamber – an der Äntwert op dës Fro - all bilateral Ofkommens zoukomme loossen, déi bei där Geleeënheet ënnerschriwwe goufen?
2. Ginn dës Dokumenter, an engem zweete Schrack, der Chamber zur Ratifizierung virgeluecht, esou wéi den Artikel 37 vun der Verfassung et verlaangt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Gemeinsam Äntwert vun de concernéierte Ministeren op d'parlamentaresch Ufro 2915 vum 11. Abrëll 2017 vum Députéierte Fernand KARTHEISER iwwert déi bilateral Accorde mat Portugal, déi de 5. Abrëll ënnerschriwwe goufen.

Wéi vum honorablen Députéierte richteg bemierkt, handelt et sech bei den Dokumenter, déi de 5. Abrëll ënnerschriwwe goufen, ëm Ofkommen. Dës Accorde si vum Inhalt a vun der Form hier net als « Traité » ze considéieren a mussen deemno net nom Artikel 37 vun der Verfassung vun der Chamber ratifizéiert ginn.

D'Regierung ass awer selbstverständlech bereet, dës Accorden der Chamber, zum Beispill den zoustännege Chamberskommissiounen, ze présentéieren a se do ze diskutéieren.